

de Staatsgewalten

D'Groussherzogtum Lëtzebuerg ass eng parlamentaresch Demokratie a Form vun enger konstitutioneller Monarchie. Lëtzebuerg ass e fräien, onofhängegen an ondeelbare Staat.

Déi aktuell Konstitutioun, op där de politesche System baséiert, geet op d'Joer 1868 zeréck. Zënterhier gouf den Text en etlechmol verännert. An der Konstitutioun ass virun allem d'Gläichheet vun de Bierger virum Gesetz verankert. Si schützt d'Bierger awer och virun der Muecht vum Staat, andeems si hinne biergerlech Fräiheeten a Grondrechter wéi déi perséinlech Fräiheet, de Schutz vun der Privatsphär, d'Reliounsfräiheet, d'Vereenegungsfräiheet asw. garantéiert.

Duerch d'Trennung vun de Staatsgewalten ass séchergestellt, datt et net zu Mëssbrauch bei der Ausübung vun de staatlechen Aufgabe kënnt. De Staat huet dräi Funktiounen: d'Legislativ – si diskutéiert a stëmmt Gesetzer; d'Exekutiv – si setzt d'Gesetzer ëm; d'Judikativ – si interpretéiert d'Gesetzer a befaasst sech mat Rechtsstreidereien. De Staat huet de Gewaltmonopol an där als Eenzege Steieren erhiewen.

Zu Lëtzebuerg läit d'Legislativ an den Hänn vun der Chamber, déi d'Land representéiert. D'Chamber gëtt all fënnef Joer an allgemenge Walen nei gewielt. D'Aufgab vun de 60 Deputéierten ass, Gesetzer ze stëmmen. D'Gesetzestexter ginn d'éischt vum Staatsrot doropshi gepréift, ob se konform si mat der Konstitutioun, den internationale Konventiounen an den allgemenge Rechtsgrondsätz.

Als Staatschef verkierpert de Groussherzog d'Exekutiv. An der Praxis delegéiert hien d'Exekutiv un d'Regierung, déi sech op Basis vun de Resultater vun de Legislativwalen zesummesetzt. Regierungschef ass de Premier; ënnert senger Leedung soll d'Regierung d'Politik vum Land gestalten: Gesetzestexter ausschaffen, d'Gesetzer, déi d'Chamber ugeholl huet, ëmsetzen an déi lafend Staatsgeschäfte féieren.

Onofhängeg vun deenen anere Gewalten huet d'Judikativ mat hire Geriichter d'Aufgab, derfir ze suergen, datt d'Gesetzer a gehale ginn. Ausser dem Verfassungsgeriicht, dat sécherstellt, datt d'Gesetzer konform si mat der Verfassung, gëtt et nach déi ordentlech Geriichter, déi sech mat Konflikter an Zivilsaache befaassen, an d'Verwaltungsgeriichter, déi sech mat Kloe géint staatlech Verwaltung beschäftegen.